Eng knapp Majoritéit an der Chamber refuséiert en fairen Débat.

1) Mir begréissen dass d'CSV, d'ADR an déi Lénk gestëmmt hunn fir e fairen Débat. Déi Lénk hunn geschwat dovun dass dat selwecht schonn am leschten Referendum 2005 passéiert ass.

2) D'Ausso vum Här Adam (déi Gréng) mussen mir klarifizéieren... hien huet gesot et wär keng Zäit méi fir de Nee ze invitéieren. a) all déi aner hunn et awer gemaach b) zu Stroossen hunn mir x mol ugeruff an ge-email: ni eng Äntwert, c) mir hunn bal 4 Wochen am Viraus gefrot.c) vun Betzder kruten mer gesot si wéilten keng Présentatioun vun eis.

3) Et ass net gutt well déi lescht Ëmfro gewisen huet dass d'Vertrauen an d'Politik allgemeng schlecht ass.

4) Mais och d'Informatiounsversammlungen vun der Chamber sinn net fair, well de JO an de NEE net jeweileg 50% kréien. Et kommen all Kéier 6 Députéiert dovun 4 fir de JO an 2 fir de NEE, vun all Partei aus der Chamber een. E Referendum ass keng Chamberwahl wou Parteien gewielt ginn. Hei stinn um Wahlziedel just 2 Optiounen.

Hei fënnt een den Débat an der Chamber:
ab 03h 32m 50s
http://visilux.chd.lu/ArchivePage/video/1484/sequence/65250.html